PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/03/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.

An der Question parlementaire n°7315 hunn ech Froen zu den Iwwerstonnen am Secondaire gestallt. An der Äntwert krut ech d'Formel, mat där d'Indemnitéite gerechent ginn. Mir gouf zougedroen, dass dës Formel awer net bei der Ecole nationale de l'éducation physique et des sports (ENEPS) ugewannt géif ginn, mee dass do mat enger anerer Formel géif geschafft ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, dass bei der ENEPS eng aner Formel ugewannt gëtt, fir d'Indemnitéite fir Iwwerstonnen ze berechnen?
    - Wa jo, wéi ass dës Formel, firwat ass se anechters an zënter wéini se ugewannt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten